

## **Parascolaire Aktivitéiten vum SNJ**

### **Sanitært Konzept**

Version du 30.10.2020

Déi an dësem Dokument beschriwwen Sanitär Mesure riichten sech un ausserschoulech Aktivitéiten déi vum Service national de la jeunesse organiséiert ginn.

#### **RESUME VUN DE MOOSSNAMEN**

1. Allgemeng Maskepflicht bei den Aktivitéiten, bis op eenzel festgeluegten Ausnamen.
2. Déi maximal Gréisst fir Gruppen ass op 30 Participantë festgeluegt.
3. Wa méi wéi ee Grupp op engem Site ass, funktionnéieren se, esou wait wéi méiglech getrennt vun enaaner.
4. Gruppen, déi bei Aktivitéiten zesummen lessen an/oder Schlofen, gin agedeelt a kleng Gruppe vu maximal 4 Kanner oder Jonken. Dëss „Quartetter“ schlofen zesummen an engem Dortoir, iessen zesummen op engem Dësch, a si bei Fraizaitmometer zesummen.
5. Et gi méiglechst vill Aktivitéiten dobausse gemaach an Aktivitéite matt Kierperkontakt gi vermieden.
6. Promotioun vun de Hygiëneregelen.
7. Et gin détailléiert Instruktiounen fir d'Responsabel an d'Animateuren.

Dëss Moosnamen baséieren sech op :

- d'Recommandatiounen vum Ministère de la Santé vum 30. September 2020 (« Recommandations sanitaires à l'attention des animateurs et formateurs d'activités d'éducation non-formelle pour enfants et jeunes »),
- d'Consignen vum Ministère de l'Education nationale de l'Enfance et de la Jeunesse vum 29. Oktober 2020 (« Consignes dans le contexte de l'animation socio-éducative »)

## DETAIL VUN DE MOOSSNAMEN

### Definitiounen:

SNJ:	Service national de la jeunesse. Organisateur.
Responsabelen :	Animateur/ Formateur wou Responsabel vun der jeweiliger Aktivitéit ass.
Encadrant :	Animateur, Formateur, Staff.
Participant :	Participantën vun Aktivitéiten an Formatiounen.
Grupp :	All Responsabel, Encadrantën an Participantën.
Infrastruktur :	Centre, Chalet, Auberge (mat deenen dozou gehéierenden Alentouren)

### 1. Maskepflicht

Et gëllt grondsätzlech Maskepflicht.

D'Ausname beschränken sech eleng op d'lessituatioun an op d'Aktivitéit an de Quartetten bei Aktivitéiten matt Iwwernuechtung.

D'Participantën ginn am virus informéiert datt si musse Maske matbréngen.

### 2. Gruppegreisst, Quartetter:

Déi maximal Greisst fir Gruppen ass op 30 Participantë limitéiert.

Fir verschidden Aktivitéiten, d'Beleeung vun de Schlofräim an d'Memberen déi zesummen un engem Dësch sëtze muss de Grupp op Quartetter, Gruppen vun jeweils maximal 4 Leit, opgedeelt ginn.

D'Zesummestellung vun de Quartetter muss fir déi gesamten Dauer vum Openthalt déi selwecht bleiwen.

### 3. Aktivitéiten, Spiller, Fräizäit:

Aktivitéiten, Spiller a Fräizäit sollen wa méiglech baussen ofgehalen ginn an et soll Kierperkontakt esou gudd wéi méiglech evitéiert ginn.

Et soll evitéiert ginn Material tëscht Persounen weider ze ginn oder ze tauschen respektiv soll d'Material dertëscht desinfizéiert ginn.

Während Aktivitéiten, Spiller a Fräizäit gëllt grondsätzlech fir jiddereen Maskepflicht ausser wann eng Distanz vun 2m kann agehalen ginn oder sëtzend innerhalb vun engem Quartett.

### 4. Formatiounen:

Während Formatiounen mussen d'Participantën sëtzen.

Bei Formatiounen mussen d'Raim esou beluecht ginn dass d'Participanten etweder 2m ausserneen sëtzen oder zu maximal 4 Persounen, zesummen als Quartett, un engem Dësch sëtzen. Tëscht den Dëscher muss 1,5m Ofstand sinn.

Soulang een op senger Plaz sëtzt muss ee keng Mask unhunn, soubal een opsteet muss een se erëm undoen.

## **5. Iessen, Kachen:**

Et dierfe beim Iessen maximum 4 Persounen un engem Dësch setzen, d'Persounen un engem Dësch müssen all aus deem selwechten Quartett sinn.

Soulang een op sénger Plaz setzt muss ee keng Mask unhunn, soubal een opsteet muss een se erëm undoen.

Beim Kachen, Spullen a bei der Iessensausgab gëllt Maskepflicht.

Beim Kachen a bei der Lagerung vun Iesswueren muss sech un déi allgemeng Haccp-Virschrëfte gehale ginn.

Benotzte Kichematerial, Iessbesteck a.s.w. müssen an der Spullmaschinn oder mat waarme Waasser a Spullmëttel gespult ginn.

D'Arbeitsflächen an de Kichen an d'Iessdëscher müssen no all Benotzung propper gemach an/oder desinfizéiert ginn.

## **6. Schlofraim, Iwwernuechtungen:**

An engem Schlofraum dierfen maximal 4 Persounen schlofen oder sech ophalen, dëss müssen all aus deem selwechten Quartett sinn.

Et soll all zweet Bett fräi bliwen.

Bannent dem Schlofraum gëllt keng Maskepflicht ausser et muss een Encadrant, deen net zum Quartett gehéiert, de Raum betrieden.

## **7. Hänn Wäschen / Desinfizéieren:**

Et muss ee sech reegelméisseg (tëschent den Aktivitéit, virum Iessen...) seng Hänn wäschen oder desinfizéieren.

D'Encadranten sollen d'Participanten reegelméisseg dorun erënneren.

Déi néideg Produiten müssen dofir vum Gérant vun der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn, fällt op dass eppes fehlt ass et um Responsabalen dëst ze mellen an och ze kontrolléieren dass et geliewert gëtt.

## **8. Infrastrukturen :**

Bei all Infrastruktur gëlle spezifesch Regeln waat d'Benotze vun de Reim ugeet (zB maximal Zuel vu Leit an engem Sall, ...). Dëss Regeln sin esou, datt d'sanitært Konzept emgesaat ka gin.

Dëss Regele müssen deem ganze Grupp bekannt sinn an déi Responsabel passen op dass sech dru gehale gëtt.

## **9. Botzen:**

D'Infrastrukturen müssen all Dag gebotzt ginn.

D'Sanitäre an d'Points de contactën müssen regelméisseg (opmanst eemol den Dag) gebotzt oder desinfizéiert ginn.

Op de Grupp selwer oder eng Botzfirma botzt muss am Virus festgeluecht ginn. Soll de Grupp selwer botzen müssen déi dofir néideg Produiten vum Gérant vun der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn.

Déi Responsabel hunn ze iwwerpräiffen dass de Botzplang agehalen gëtt.

## **10. Lüften, Ventilatioun:**

All benotzte Raim müsse regelméisseg gelëft ginn.

Gouffen Fënsteren esou entriegelt dass een se grouss kann opmachen dierf dat just ënner Opsicht vun engem Erwuessenen geschéien.

Baussendiere vu Gebaier dierfe fir ze Lüften blockéiert ginn, Bannendieren mat engem automateschen Türschliesser dierfen grondsätzlech net blockéiert ginn.

## **11. Verdacht Covid 19:**

Weist eng Persoun Symptomer muss dëss Persoun vum Grupp isoléiert ginn an vum Site ofgeholl ginn. Bis déi Persoun oofgeholl gëtt muss se an engem dofir virgesinne Raum waarden.

All Virfall muss direkt der Uspriechpersoun beim SNJ gemellt ginn.

## **12. Tracing:**

Fir den Retracage ze vereinfache muss all Grupp eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeën vun alle Participanten, Encadranten an der Opdeelung vun de Quartetter.

Dës Lëscht muss de Responsabelen un den SNJ schécken.

D'Lëschte vun de Gruppe gi vertraulich fir 15 Deeg gehalen an duerno zerstéiert.